



Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l.

Pressecommuniqué

Den Educatiounsminister huet a senger leschter Pressekonferenz déi psychologesch Auswierkungen vun der Pandemie op d'Lëtzebuerger Schüler ugeschwat, an domadder e ganz wichtege Punkt thematiséiert.

D'Suerger iwwert déi psychesch Gesondheet von de Bierger, an notamment de Schüler, mussen méi staark thematiséiert ginn. D'ACEN ënnerstëtzt den Educatiounsminister doranner, datt d'Schoulen esou laang an esou vill op sollte sinn, ewéi et bei den aktuellen Infektiounszuele méiglech ass, an d'Enseignantë maache sécher och hiert Bescht fir de Schoulbetrib ze garantéieren. An awer sollt een net vergiessen, datt d'Pandemie an d'Lockdownen en immensen Impakt op eis Schüler hunn, nach méi e staarken, ewéi op eis Erwuessener.

Et ass richteg a wichteg, datt de Schüler hir Bildung eng héich Prioritéit huet, awer hir sozial Kontakter, hir Fräizätsbeschäftegungen, an och déi flott parascolaire Momenter falen einfach eweg. Besonnesch op den Ofschlossklasse besteet d'Liewe vun de Schüler vill aus Léieren. Si hunn dëst Joer guer keen Ausgläich. Si kënnen net ewéi üblech Sport oder Musek maachen, si kënnen net owes erausgoen a sech mat Kolleegen treffen. D'Ofschlossklasse vun dësem Joer maachen hiren Ofschloss integral wärend der Corona-Pandemie.

D'lescht Joer huet opgrond vum éischten Lockdown am Mäerz 2020 de Programm fir d'Premièresexame mussen ugepasst ginn. Et gouf zum Deel immens vill vum Programm gestrach. E Kado waren d'Examen ënnert de schwéiere Bedingungen vun der Pandemie awer trotzdem net.

D'ACEN huet dofir scho viru Woche gefuerdert d'Programmer op den Terminalen der Situatioun unzepassen. Et ass dofir och ubruecht fir den Ofschlossklassen vum Schouljoer 2020/21, déi dat ganz Joer mam Virus ze kämpfen haten, déi an Isolatiounen an Quarantänen hu missen léieren, en Deel vun der Matière ze erloossen. Et ass 2020/21 kee Schouljoer ewéi all Joer, an et kann een eise Primaner a Schüler vun den Terminalen en Deel vum Drock huelen, andeems d'Programmer dann elo och ugepasst ginn.

An der aktueller Situatioun mat enger omnipresenter Pandemie muss déi psychesch Gesondheet vun eise Schüler wicklech déi allerhéichste Prioritéit genéissen d'Programmer unzepasse hëlt zumindest e bëssen Drock aus dem hektesche Schoulalldag vun eisen Terminalen.

D'ACEN ënnerstëtzt dofir dem Educatiounsminister seng Beméiungen an deelt d'Usiicht, datt den Encadrement an d'Ënnerstëtzung vun eise Schüler elo absolut am Fokus bleiwe muss, fir déi psychesch Auswierkung vum dëser Pandemie esou gutt ze kompenséieren ewéi iegendwéi méiglech.

De Comité vun der ACEN